CORONAVIRUS COVID-19
QUARANTÄN



Dëst Dokument adresséiert sech u Persounen, déi enke Kontakt hate mat enger Persoun déi positiv op den neie Coronavirus (SARS-CoV-2) getest gouf.

WAT DIR AN DER QUARANTÄN MAACHE MUSST

Da musst Dir Iech wärend 7 Deeg an Quarantän setzen, fir esou d'Iwwerdroung vum Virus op aner Leit an Ärem Haushalt oder der Gesellschaft ze limitéieren. Effektiv kënnt Dir an dëser Period selwer ustiechend ginn.

Dir fannt all déi néideg Informatiounen iwwer den neie Coronavirus um Internetsite vun der Regierung: www.covid19.lu

Sozialen a professionellen Ausschloss (Quarantän)

- Bleift wärend 7 Deeg no der Diagnos vum confirméierte Fall doheem (an de meeschte Fäll trieden d'Symptomer an dësem Zäitraum op).
- Evitéiert all Kontakt zu anere Persounen.
- Loosst Iech de fënneften Dag an engem selwer gewieltene Laboratoire op de CO-VID-19 testen. Dir kritt dofir eng Ordonnance geschéckt.
- Moosst wärend 7 zousätzlechen Deeg Är Temperatur zwee mol pro Dag an iwwer-waacht Äre Gesondheetszoustand. Wärend der Eegen-Iwwerwaachung kann ee sengen normalen Aktivitéiten nogoen.

Wann Dir eleng wunnt

- Loosst Iech Är Liewensmëttel an aner liewenswichteg Produiten, wéi Medikamenter, vun der Famill/Frënn/engem Liwwerdéngscht bis un d'Dier liwweren.

Wann Dir zesumme mat anere Leit an engem Haushalt wunnt

- Installéiert Iech eleng an enger Kummer, maacht d'Dieren zou, an iesst Är Moolzecht an Ärer Kummer. Evitéiert Visitten a Kontakter a verloosst d'Kummer just wann et néideg ass.
- Wäscht Iech reegelméisseg d'Hänn.

CORONAVIRUS COVID-19
QUARANTÄN

- Deelt net Är perséinlech Haushaltsartikelen, wéi z.B. Wäsch, Glieser, Tasen, Kichegeschier, Dicher oder Bettgezei mat anere Persounen. Nodeems Dir déi Artikele benotzt hutt, musse se grëndlech mat Waasser a Seef oder an der Wäsch-/Spullmaschinn gewäsch ginn.
- All Kleeder, Bettgezei an Dicher musse reegelméisseg an der Maschinn gewäsch ginn.

Wärend an no der Quarantän

- Kontrolléiert Äre Gesondheetszoustand nach wärend 7 weideren Deeg no der Quarantän selwer: Moosst Är Temperatur 2x/Dag, kontrolléiert Symptomer wéi Housch oder Otemproblemer.
- Befollegt weider d'Reegele vun der Hygiène.

Wa Symptomer optauchen

- Setzt Iech an Auto-Isolatioun. Kontaktéiert en Dokter per Telefon (Tele-Consultatioun) a befollegt seng Uweisungen.

Hännwäschen

- Dir selwer an Ären Entourage musse sech reegelméisseg d'Hänn mat Waasser a Seef wärend minimum 20 Sekonne wäschen. Och bei der Zoubereedung vum Iessen, virun oder no engem Iessen, nodeems Dir eng Toilette benotzt hutt an zu all Moment wou Är Hänn e knaschtegen Androck maachen.
- Wa kee Waasser a keng Seef disponibel sinn, da wäscht Är Hänn mat engem Desinfektiounsmëttel andeems Dir déi gesamt Fläch vun der Hand ofdeckt an d'Hänn reift bis se dréche sinn.



Wann Dir weider Froen hutt, kontaktéiert d'Inspection sanitaire um Telefon: 247-85650.

FIR WEIDER INFORMATIOUNEN:
covid19.lu
8002 - 8080

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG